LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, Serge Wilmes, op d'parlamentaresch Fro Nr. 4848 vum honorabelen Deputéierte Jean-Paul Schaaf

1. **Wien dréit d'Responsabilitéit, wann e Kand am Kader vun enger organiséierter Aktivitéit vun enger Schoul, Crèche oder anere vun der Aide à l'enfance konventionéierte Betreiungsstruktur am Bësch verletzt gëtt, zum Beispill duerch en Aascht deen natierlech vun engem Bam eroffält? Wéi verdeelt sech a sou engem Fall d'Responsabilitéit tëscht dem Proprietär, der Schoul oder Betreiungsstruktur, der Gemeng, den Elteren an dem Organisateur?**

   D'Fro vun der Responsabilitéit bei engem Accident am Bësch muss op Basis vun de konkreten Ëmstänn an de jeeweilege gesetzleche Bestëmmunge beäntwert ginn.

   D'Bëschgesetz vum 23. August 2023 dréit ausdrécklech de Risiken Rechnung, déi mat engem Openthalt am natierleche Bëschmilieu verbonne sinn. Esou Risike kënnen net vollstänneg ausgeschloss ginn a gehéieren zu de spezifesche Charakteristike vum Bësch. De gesetzleche Kader gesäit dofir de Prinzip vun der Akzeptanz vun dësen natierleche Risiken vir, ouni datt de Bëschproprietär domat vun all Responsabilitéit entbonne wier.

   Am Kader vun organiséierten Aktivitéite läit d'Verantwortung fir d'Aschätzung vun de Risiken an déi adequat Betreiung an Iwwerwaachung vun de Kanner bei deene Persounen, déi d'Aktivitéit organiséieren a betreien. D'Roll vun deene verschiddenen Acteuren, dorënner och d'Gemeng oder d'Elteren, hänkt dobäi vun hire jeeweilege gesetzlechen a konkreten Aufgaben of.

   Wat d'Ofsécherung vun de Kanner ugeet, gesäit den Artikel 91 vum Code de la sécurité sociale vir, datt eng breet Pallett vu schouleschen an ausserschouleschen Aktivitéiten ënnert de Regime vun der Association d'assurance accident (AAA) fält. Dëst betrëfft ënner anerem Aktivitéiten, déi vu Schoulen a Betreiungsstrukturen organiséiert ginn. Am Fall vun engem Accident am Kader vun esou enger Aktivitéit kënnen déi betraffe Kanner, ënner de gesetzlech virgesinne Konditiounen, vun de Leeschtunge vun der AAA profitéieren.

2. **Gëllt d'Akzeptanz vun de Risike vum Bësch, wéi se am Artikel 4 vum Bëschgesetz virgesinn ass, och fir mannerjäreg Kanner, déi am Kader vun enger organiséierter a betreiter Aktivitéit am Bësch ënnerwee sinn?**

   Den Artikel 4, Paragraph 1, vum Bëschgesetz ënnerscheet net nom Alter vun de Persounen, déi sech am Bësch ophalen. Dës Bestëmmung ass deemno am Prinzip och op mannerjäreg Kanner uwendbar. Et handelt sech ëm eng gesetzlech Reegel, no där Persounen, déi an de Bësch ginn, déi dem natierleche Bëschmilieu inherent Accidentrisiken akzeptéieren.

   Bei mannerjärege Kanner gëtt d'Aschätzung vun dëse Risiken allerdéngs vun den Eltere gedroen, zum Beispill andeems si hirem Kand erlaben, an de Bësch ze goen. Am Kader vun enger organiséierter a betreiter Aktivitéit ass et dogéint un deene Persounen, déi zu deem Zäitpunkt fir d'Betreiung vun de

Kanner zoustänneg sinn, déi entspriechend Risiken anzeschätzen an déi néideg Virsiichtsmoossnamen ze treffen.

D'Akzeptanz vun den natierleche Risike bedeit awer keng komplett Exoneratioun vum Bëschproprietär. Geméiss Artikel 4, Paragraph 2, vum Bëschgesetz kann seng Responsabilitéit weiderhin engagéiert ginn, wann him eng Faute nogewise gëtt.

3. **Ännert sech d'Responsabilitéit, wann de Proprietär enger Schoul, Crèche oder anerer vun der Aide à l'enfance konventionéierter Betreiungsstruktur ausdrécklech erlaabt, hir Aktivitéiten ausserhalb vun den offizielle Weeër am Bësch duerchzeféieren? Falls jo, féiert esou eng Autorisatioun dozou, dass de Proprietär zousätzlech Responsabilitéiten iwwerhëlt?**

Den Artikel 3 vum Bëschgesetz gesäit ausdrécklech vir, datt de Bësch fir Persounen, déi vum Proprietär autoriséiert goufen, integral zougänglech ass.

De Fait, datt e Proprietär enger Schoul oder Betreiungsstruktur erlaabt, Aktivitéiten ausserhalb vun de Weeër duerchzeféieren, féiert dem Bëschgesetz no net automatesch dozou, datt hien zousätzlech Responsabilitéiten iwwerhëlt. Eng einfach Autorisatioun fir den Zougang zum Bësch ass net gläichzesetze mat enger Garantie, datt de betreffende Bëschberäich fräi vun den natierleche Risike vum Bësch ass.

Déi allgemeng Bestëmmunge vum Bëschgesetz iwwer d'Akzeptanz vun den natierleche Risiken an d'Responsabilitéit vum Proprietär bleiwen deemno och am Fall vun enger ausdrécklecher Autorisatioun uwendbar.

4. **Vu dass Visitten an Aktivitéiten am Bësch e wichtege pedagogesche Wäert fir Kanner hunn, gesäit d'Regierung am aktuelle gesetzleche Kader genuch Rechtssécherheet fir Proprietären an edukativ Strukturen, fir dass esou Aktivitéiten och an Zukunft kënne weidergefouert ginn?**

D'Regierung ënnersträicht de pedagogesche Wäert vun Aktivitéiten am Bësch, déi de Kanner erlaben, d'Natur direkt ze erliewen, hir Ëmwelt besser kennenzeléieren an e Bewosstsinn fir d'Biodiversitéit ze entwéckelen.

Parallel zum uewen erwäänten Bëschgesetz vum 23. August 2023, gesinn d'Bestëmmunge vum Code de la sécurité sociale eng Ofsécherung vun de Kanner bei enger breeder Pallett vun organiséierte schouleschen an ausserschouleschen Aktivitéite vir.

D'Regierung ass der Meenung, datt dëse gesetzleche Kader déi néideg Rechtssécherheet bitt, fir datt esou pedagogesch wäertvoll Aktivitéiten och an Zukunft kënne weidergefouert ginn, ënner Berücksichtegung vun den néidege Virsiichts- an Iwwerwaachungsmoossnamen.

Lëtzebuerg, den 18. November 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH